N°519
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire n°519 de Monsieur le Député Sven CLEMENT**

**Ad 1)**

D'Zuel vun den konventionnéierten Beschäftegungsinitiativen ass tëscht 2021 an 2024 konstant bei 30 bliwwen.

Am Joer 2022 sinn Konventiounen fir den Encadrement vun engem Maximum vun 2.141 Persounen (an Equivalents temps plein ausgedréckt) ofgeschloss ginn, am Joer 2023 fir 2.171 Persounen, an am lafende Joer 2024 fir 2.218 Persounen. Et sief drop higewisen, dass eng Plaz an enger Beschäftegungsmesure am Laf vun engem Joer vu méi wéi enger Persoun ka besat ginn.

Am Joer 2022 hunn 1.687 Persounen, déi als Demandeur d'emploi op der ADEM ageschriwwe waren, eng Beschäftegungsmesure nei ugefaangen, am Joer 2023 sinn et der 1.392 gewiescht.

**Ad 2 et 3)**

Als quantitativen Indicateur fir d'Evaluatioun vun enger Beschäftegungsmesure gëtt typescherweis den Taux d'insertion professionnelle gekuckt, deen moosst, wivill Persounen no enger bestëmmter Zäitperiod (t+X) nom Ofschloss vun enger Mesure eng Plaz um éischten Aarbechtsmarché fonnt hunn.

Fir d'Joren 2021 an 2022 gesäit dës Statistik folgendermoossen aus :

***Tableau 1 : Insertion des personnes ayant terminé une mesure spéciale en 2021 (situation 1 mois, 3 mois, 6 mois et 12 mois après la fin de la mesure)***

| *Année 2021* | Statut t+1 | Statut t+3 | Statut t+6 | Statut t+12 |
|---|---|---|---|---|
| Emploi CDI | 15,0% | 19,0% | 20,6% | 26,5% |
| Emploi CDD | 8,3% | 4,8% | 4,3% | 2,6% |
| Emploi intérimaire | 1,1% | 0,6% | 0,5% | 0,4% |
| Apprentissage | 0,2% | 0,1% | 0,2% | 0,2% |
| Mesure spéciale | 1,1% | 1,1% | 1,4% | 3,4% |
| Autres mesures | 2,5% | 3,0% | 3,6% | 3,8% |
| Sans emploi | 71,8% | 71,4% | 69,5% | 63,1% |
| Total | 100% | 100% | 100% | 100% |

Source : IGSS-ADEM / Calculs : IGSS

***Tableau 2 : Insertion des personnes ayant terminé une mesure spéciale en 2022 (situation 1 mois, 3 mois, 6 mois et 12 mois après la fin de la mesure)***

| *Année 2022* | Statut t+1 | Statut t+3 | Statut t+6 | Statut t+12 |
|---|---|---|---|---|
| Emploi CDI | 14,4% | 18,1% | 20,0% | 24,2% |
| Emploi CDD | 7,3% | 3,6% | 3,3% | 2,1% |
| Emploi intérimaire | 1,4% | 0,8% | 0,5% | 0,6% |
| Apprentissage | 0,0% | 0,1% | 0,1% | 0,1% |
| Mesure spéciale | 0,9% | 0,7% | 1,1% | 2,0% |
| Autres mesures | 2,7% | 2,9% | 3,2% | 3,5% |
| Sans emploi | 73,3% | 73,8% | 71,7% | 67,4% |
| Total | 100% | 100% | 100% | 100% |

Source : IGSS-ADEM / Calculs : IGSS

Fir déi Persounen, déi am Laf vum Joer 2023 eng Mesure ofgeschloss hunn, kënnen den Ament nach keng Aussoen zur mëttel- a laangfristeger Réinsertioun gemaach ginn.

Et sief awer drop higewisen, dass d'Beschäftegungsinitiativen nieft hirer Missioun vun der berufflecher Réinsertioun och nach d'Aufgab hunn, fir d'Bénéficiairen iwwert de Wee vun enger geregelter Aarbecht economesch, sozial an psychesch ze stabiliséieren, ze forméieren, a generell un hirer Employabilitéit (Motivatioun, Présentatioun, „soft skills", etc.) ze schaffen. Dës éischter qualitativ Aspekter sinn méi schwéier ze moossen a schloen sech net onbedéngt am Taux de réinsertion néier.

Finalement hänken d'Chancen, fir erëm eng fest Aarbechtsplaz ze fannen, och vun der wirtschaftlecher Konjunktur a vun der allgemenger Situatioun um Aarbechtsmarché of.

Luxembourg, le 30 avril 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**